

D'8  
808 Louise

= huet e Rendez-Vous.

(oder "De' be'ss fönef!")

Ulk an 3 kurzer Opzig. arr.v.H.R.

Perso'nen:

Louise, Ro'seblâdt, Inhaberin vun enger Pensio'n.  
Josephine, }  
Justine, } Pensjonärinnen, genannt: de'"be'ss fönef"  
Julie, }  
Jacqueline, } (Szénerie: eng Stuff)  
Jeanne, }  
e Söffer - e Student 1.Optrött Josephine, justine, Julie,

Josephine: Ech kann iech nömmen eso'vill soen, 't get e Mordsspâss!  
Justine: Mä dann erziél dach! Du stellst dech jo eso'geheimnesvoll.  
Josephine: Wart, bis d'Jeanne könnst. Ech hun him fest versprach neischt auszebahlen.

Julie: Da werdt dir 2 wuel erem irgend eppes ausgeheckt hun.

Justine: Natirlech, sie wunne jo an engem Zömmmer.

2.Optrött, Vireg, Jacquél, (vu lenks)

Jacquél: Nanu, wât get dann Nei's. Mir solle punkt 3 Auer all hei sin.  
Josephine, sö mir dach wât lass ass, ech sin dach eso' virwötzeg

Justine: Ech och!

Julie: Handelt et sech em eist Louise?

Joseph: Pscht! Net eso' hart, Kanner! D'Wänn hun O'eren!

Justine (mecht d'riéchts Dir op): 't kann é wuel denken! Hei ass kén!

Joseph: Trotzdem: - Neischt am Eiffer!

3.Szén, Vireg, Jeanne (vu lenks)

Jeanne: Aha! Den gro'sse Rôt ass vollzähleg a penktlech versammelt!

Joseph: A kaum ze bändegen!

Justine: Jo, mir wöllen endlech wössen wât lass ass.

Julie: Ech vergin hâl vu Virwötz.

Jeanne: Artm klengt Julio, 't geseit én dir doi Leiden of!

Jacquél: Eraus mat der Spröch, Jeanne.

Julie: Jo, a ké längt Gebraddels!

Jeanne: Dir Dammen, huelt iech Plätz, wann iech gelifft. (all sützen sech, bis op d'Jeanne, dât bei sengem Stull stoe bleiwt): Ech hun iech heihiner geruff, fir iech eppes ganz interessantes matzedelen.

Julie: Mä da sö et dach, se'er!

Jeanne: Eist Louise ass am Gärd bei hire Kabeskräpp, mir sin dürfir ganz secher. - Also Herrschaften...

Jacquél: Dajé, da mäch dach virun..

Jeanne: D'Schniéwöl gehâlen, a lauschtert: Eist Louise wöllt sech bestueden! (allgemeint: Ah!)

Jo, 't wöllt sech bestueden,

wann d'Joffer och schon 47 mol d'Kischte gesin huet ble'nen.

Justine: Ere'scht 47 Mol.

Jacquél: Wât hättst du dann nach-gär ... längt dât nach net.

Justine: Ech hun eng onbestuedten Tatta, de' kritt an 8 Dég hir 53 Jahr.

Julie: Also, eng richtig 51 Schachtel!

Jacquél: A wât ass dann elo weider mat dem Louise?

Justine: Wo'hir wést du dât iwerhâpt, Jeanne?

Jeanne: Ech hu göschter owend, an der Zeidong vun e Sondeg zo'fälleg eng Heiratsannonce fondt vum Louise. (hölt eng Zeidong aus der Blouse)

All(durchernén): Virliésen - liés vir!

Jeanne: Hei stét et, schwarz op weiss: - Dame, Fräulein in den Vierzigern, bedeutend jünger aussehend -

All(durchernén): Bravo - bravo!

Justine: Läng an dönn, we' e Biésemstill.

Jeanne (ro'weg Kanner. - (liést): Bedeutend jünger aussehend. Pensionsinhaberin, wünscht Bekanntschaft mit einem Herrn, der Hausfräuliche Tugenden höher schätzt als schnöden Mamon. Wem an einer wirklich liebevollen Gefährtin gelegen ist, an ~~mir~~ einem im Verborgenem blühenden Veilchen, der schreibe unter "Louise" postlagernd. - Wât sôt dir elo?

All(durchernén): Bravo!

Julie: Eist Louise soll liéwen! (all) He'ch!

Jeanne: Pscht! Macht kén eso' e Kame'di, soss ass eist Louise op émol hei, an ech hun iéch nach eso' vill ze verziélen.

Jacquel: Ah jo.. dann erziél, ech...

Julie (fällt an): brenne wirklech wu Virwötz!

Jacquel: Oh, jo! (sötzen sech erem)

Jeanne: Da passt op, d'Josephin an ech, mir hun dū gscht'rowend eng ganz fein Säch ausgeduecht. Wann d' Louise eis schon "de' be'ss fönef" nennt, da soll sie eis och émol richtig kenne le'eren. Hun ech net recht?

All (Durchernén): Jo, bravo - natirlech!

Jeanne: Mir hun eis also higesät, an hun önnere Kennwurt "Louise" e Bre'f geschriwen.

Justine: E Bre'f?

Julie: A wät stét an dém Bre'f?

Jeanne: Dé Brø'f muss sie haut mat der 2. Post kritt hun. Mir hun hir e Gedicht gescheckt, an e Rendez-Vous ofgemächt.

Justine: Mä dāt ass jo he'chinteressant!

Julie: Wät fir e Gedicht dann?

Jeanne (ze'ht en Ziedel aus der Täsche): Hei ass d'Kopie! (liest)

"Wie ein Hirsch nach frischem Wasser,  
Wie ein Backfisch sich nach Eis,  
Nach dem Handtuch sich ein Nasser,  
Und ein Hungriger nach Speis' -  
Wie das Vöglein nach der Mutter,  
Wie der Ochs sich nach dem Futter,  
Nach dem Stalle sich die Kuh -  
Also bist mein Sehnen du! -

Morgen nachmittag um 5 Uhr bin ich im Park auf einer Bank unweit des Denkmals. Ich werde eine weisse Nelke im Knopfloch tragen. Wenn mir das Glück hold ist, werde ich meine Heissersehnte dort treffen. Batty. - Na, wät söt dir durzo'?

Justine (zielt un de Knäpp vun hirer Blouse): Sie könt - sie könt net - sie könt!

Jacquel: Natirlech könt se!

Julie: Sie könt soen ech, a wann et Hégâflen rént!

Justine: Do wir ech gār derbei!

Josephine: Ech och!

Jeanne: Dir sollt jo och all derbei sin!

Julie: A wo' könt de "Batty" hir?

Jeanne: De "Batty" dé mächen ech.

Justine: Du?

Jacquel: Du get jo e Mordsspäss!

Julie: Soll d' Louise dech dann net erkennen?

Jeanne: D' Josephine an ech mir hun un alles geduecht. D' Louise ass, Gott sei Dank, ganz kurzsichtig. De Lorgnon verstoppe mir. Dem Josephine sei Brudder lé'nt mir, wät ech fir de "Batty" brauch.

Josephine: Jo, ech gin derno hémlech bei Mei Brudder alles sichen.

Justine: Ja, soll de Costume da passen?

Josephine: Eise Joss ass ongefe'er grad eso' gro'ss we' d' Jeanne.

Jeanne: A mār, während eist Louise sech fir de Rendez-Vous fitzt, get aus dem Jeanne e "Batty" gemächt.

Justine: A mir all begléden dech an de Park, verstoppen eis am Getreisch a warden he'chgespannt op dāt wät könt.

Jeanne: Dir musst mir awer verspriéchen iéch op keng Mane'er bemirkbar ze mächen.

All (durchernén): Dat verspriéche mir feierlech!

Julie: Wir et dach schon eso' weit. Vun e lauter Virwötz beisst et mech iwerall.

Jeanne: Halt, ech hun nach eppes vergiëss. Mir musse kucken datt mir der Louise hiren Hond mar bei eis hun. Dé soll nähmlech mat-spillen.

Justine: De Betty? Wat fir eng Roll soll dén da spielen?

Jeanne: Dāt wèrdt sech historesch entwekelen, le'vt Justine. Ech sin iwerzégt datt de Betty wuel eso' vill zum Gelengen vun eisem Stréch beidre't we' de "Batty". - An domat erklären ech eise Krigsröt fir opgehewen.

Jacquel (ass bei d' Fönster gängen): Kanner, ech gesin eist Louise! - Grad gét se zur Dir eran. Natirlech ass de Betty derbei. Sie wèrdt gleich hei sin.

Jeanne: Dāt schuedt neischt; macht nömme we' wa gur neischt wir.

Louise: Ei, wät e seltene Bleck! - De' jong Dammen si jo eso' eintzächtig hei beienén! - Dät wonnert mech!

Jeanne: Oh!, we'so' Joffer! Mir hun elo grad e Spaze'ergank beschwät.

Louise: E Spaze'ergank? So'so'! Dach natirlech ere'scht nodém d'Arbecht in d'Aufgaben gemacht sin. Fir iéch, Joffer Julie an Jaqueline sin d'fünze'sch an englech Uebongen dach secher me' ne'deg we' e Spaze'ergank, a fir iéch Joffer Jeanne a Justine, d'Fangerübongen om Piano. - An dann, dir Dammen, ech vermössen alt dann ent wann de' peinlech Ordnong an èren Zömmer, de' sech fir iéch passe ge'f. Do leien Hefter, Bicher, Schreiwmaterial an eso'gur Toilettenartikel konterbont durchernén, obschon dir gutt wösst datt ech a mengem Institut keng Unordnong leiden. Ich sin also gur net eso' mat iéch zefridden, we' dät an èrem an èren Eltren hirem Interesse wir. Trotzdem wöll ech de' Kè'er en A'n zo' - drecken an iéch már nomötteg, e kurze Spaze'ergank gestatten.

Justine (hémlech zu Josephine): Mirks de eppes?

Louise: Wät hues du elo grad gesöt, Justine?

Justine: Datt mir èrt Gutt Herz ze schätze wössen, Joffer Ro'sebläd.

Louise: Dät wöll ech vun iéch all hoffen. - Weil ech már nomötteg em 5 Auer, eng leider schwe'erkrank Fröndin besiche muss, gin ech iéch also vun 5 bis - - lösst mir emol soen bis 7 Auer frei. - - A wo'hin soll de Spaze'ergank da fe'eren?

Jeanne (harmlos): Eigentlech wollte mir nömmen zesummen an de Park goen.

Louise: Do - Park?

Jeanne: Maja, am Park ass et dach eso' schè'n!

Louise: Düt schon. Mä ech ge'f iéch awer trotzdem e Gank an den Birkebösch empfielen. An 20 Minutten sit dir do, an dann huet dir ömmer nach eng Stonn fir iéch ze amuse'eren. Nén, nén, de Park ge'f ech iéch wirklech net empfielen.

Josephine (hémlech zu Justine): Mirks du eppes?

Jeanne: Gutt, Joffer Ro'sebläd, da gi mir zesummen an de Birkebösch. Nach eng Frö Joffer; Dirfte mir ère Betty mathuelen? Dät le'ft De'erchen ass eis all, a besonnesch mir un d'Herz gewues.

Louise: Gutt, dir dürft e mathuelen. Awer, wann ech bieden därf, nömmen un der Lengt, well iwer sei Verloscht wir ech ont're'schlech. Dann also au revoir, dir Dammen, bis em 4 Auer. (zum Hand) Komm mei "Batty" - ech wollt soen, Betty. (lenks of)

5. Szén Vireg, o'ni Louise

Jeanne: D' Louise ass scho bei hirem Batty. De Bre'f huet also seng Wirkong net verfehlt.

Justine: Ech könnt mech grad do'tlächén.

Jacquel: Jeanne, du bass awer richtig dreist! Hues de gomirkt we' se gestutzt huet, we's du vum Park geschwät hues?

Jeanne: Mä sie huet neischt gemirkt. - Eso' Kanner, dir huet jo he'eren wät d'Joffer Louise alles ze beanstanden hât, elo jidderén un seng arbecht, soss straight sie eis nach op émol de Congé fir már. - Also "An die Gewehre"! (all láchend, schwatzend riéchts of)

Louise (vu lenks mat engem Kartespill): Hei kann ech mir se'er emol ongeste'ert d'Karte léen. D'Médercher wèrde jo jidderént un senger arbecht sin. Himmen vun Zeit zu Zeit de Kapp ze wäschen, huet fir mech de' erfröschend Wirkong vun engem Liéwensélixir. (sötzt sech, lét d'Karten) nodém sie se gesteckt an ofgehuewen huet): Ah, kuck do - no engem kurze Wé - en donkelblonde Mann - an de fre'en Owendstonnen - mat der Gewösshét. - - herzlech - Louise, wät wölls du nach me'h? (geheit d'Karten zesummen) Ech hun e Gefill we' wann ech namenlos gळेcklech ge'f. Oh Batty! za'ht de Bre'f draus. 't ass en Dichter. (liést)

"Wie das Vöglein nach der Mutter,  
Wie der Ochs sich nach dem Futter,  
Nach dem Stalle sich die Kuh -  
Also bist mein Sehnen du!" We' kann en herrlech reimen. Eso' ganz aussergewè'hnelech. Hié schengt en De'erfrönd ze' sin. Jo, Batty, már em 5 Auer solls du deng Heissersehnte gesin. A wann mech net all Zéchen täuschen, da gi mir onendlech gळेcklech.

Vorhang.

II. Akt

(D'Bühn stellt 2 Zömmer dur. An dem engen ass d' Louise beschäftigt fir sech op de Rendez-Vous virzeberéden, den Hond ass bei hir. an dem áneren ass d' Jeanne drun sech als Mann ze verkleiden, de' áner 4

hölefen him. Sie si ferdég fir fortzagoen. Jeanne huet sche'nen  
Hèrekostüm, Den Hutt leit op dem Dösch, de' weiss Blumm am  
Knäpplach net/vergiessen.)

Louise (fir sech). Soll ech vleicht mein neien Flørentiner opsetzen?  
(aus enger Hutkösch holt et en Hutt eraus, dét e virum Spiggel  
op): Hié kléd't mech eigentlech ganz gutt. Dát hellblót Band passt  
zo' dem ro'den ganz gutt, an hiéwt mein Teint ganz sche'n. Wann  
ech vleicht nach e we'neg Pudder ge'f opléén?? Eso' eng Grimmel  
kann net schmäden. (puddert sech)

Jeanne (zum Josephine): Gesin ech net flott aus, Josephine ?

Josephine: Einfach gro'ssarteg!

Jeanne: A we' mecht de Schéd säch a mengen Hohr?

Julie: Wonnerbar! - Schued datts de ké richtige Jong bass!!

Jacquel: Vergiés och nömmen doi Schnorres net!

Josephine: Dén huet eis Joss, dé gudde Jong beim Theatercoifeur geléht.  
Dén huet gesot: wann e richtig gepacht ge'f, m'irk ké Mönch datt  
de Bart fälsch ass.

Jeanne: Da löss mir emol probe'eren. (Josephine pinselt him e we'neg  
Cole önnert d'Nuos a pecht him eng "Mock"un)

Justine: (klatscht an d'Hänn): Herrlech! Herrlech!

Jeanne: Pst! Pst! Net eso' hart. Hei niéwent dét d'Louise sech un.

Louise (fir sech): E we'neg ro't nach ... dät versche'nert mei Gesicht  
bestömmt... Wät mecht én net alles wann é verle'ft ass. (schminkt  
sech emständlech) - Wa meng Médercher we'ssten datt ech a mengem  
Tirang all de' Sche'nhétsmöttelcher hun - ä wät ge'fen de'  
mech ützen. - Vleicht nach eng Sche'nhétswartzel niéwent de  
riéchtse Mondwankel (mecht et) - Wirklech, meng Coifeuse huet  
Recht. (dre'ht a ke'ert sech kokett virum Spiggel) Louise, we'  
gefälls du dir?

Jeanne: Eso'! Fèrdeg! Nömmen nach öfbîschten... Justine, siéf eso'gutt.

Justine (mecht et): Eso' Hr. Batty!

Jeanne: Da kann de Kome'di elo lass goen. . Halt, hun ech och eng  
Pochette?

Josephine: Mä secher, de' gehe'ert dach an d'Broschttäsch.

Jeanne: Ech hun awer keng.

Julie: Dann hei huel meng (get him eng)

Louise: An elo zo' dir, mei le'we Batty. Ech fille förmlech datts du  
mir ganz noh bass. . Awer fir 't escht nach e we'neg Parfum.  
Awer wät fir eng Sorte? - Eau des mille fleurs oder Lavendel? -  
ach nén, dät richt zevill no äle Médercher. An haut ass d'Louise  
dach erem jonk, jonk we' ént vun 18 Jahr. also: Eau des mille fl  
fleurs. (parfume'ert sech) Och e pur Dröpsen an d'Nuesdich....  
an, halt, nach e we'neg Rouge op d'Löpsen..... Eso', elo nach  
d'Händchen, de Sonneprebli, d'Poche, an dann dir entge'nt, ..dir  
mengem énzegen. allerle'wste Batty! We' mein Herz klappt! (riff  
den Hond): Komm Batty! (holt sech erem) ech wollt soen: Betty!  
(geht aus, klappt gleich drop um Jeanne senger Dir)

Jeanne: Huet net elo grad é geklappt?

Julie: Ach wät.

Jeanne: Se' ex de Fédal vir. ('t geschitt)

Louise (klappt nach eng Ke'ler) rabbelt un der Dir): Mä de' hu jo d'Dir  
zo'gerédelt. Hei ass de Batty, ech wollt soen: Betty!

Jeanne (huscht se'er hannert eng spänesch Wand - Justine mecht op)

Justine: Entschölllegt Jeffer Ro'sebläd, ech hát an Ongedanken d'Dir  
gerédelt.

Louise: Ech gin elo bei meng krank Fröndin. Hei ass den Hond. Get nömme  
gutt wecht op d'De'erchen. (geseit den Hèrenhutt op dem Dösch)  
Nanu, wät leit dann elo? En Hèrenhutt? Wät soll dén Unfug?

Josephine: Mei Brudder huet mir e ginn fir botzen ze lössen.

Louise: Josephine, ech wöll mech haut net irgeren. Josephine, dir le't!  
Ech wöll hun dät dät Steck Miwel, dén Hutt do, eso' se'er we'  
me'glech aus mengem Haus verschwöndt. Dir wösst datt ech an dem  
Ponkt net mat mir spässe löesen. Au revoir! (of)

Julie: Alen Dräch!

Josephine: Jeanne, d'Loft ass proper!

Jacquel: We' en äle Spatzeschreck huet se ausgesin.

Jeanne (könn't eraus): Kanner, dät do hátt könne be'ss ausgoen. - Justina,  
wann d'Louise aus dem Haus ass, könn's du eis et soen. (Justine of)  
Sit dir all fèrdeg?

Josephine: Alles ferdig!

Justine (könt erem): D' Louise gét we' mat Siwemeilestiwelen durch de Gart.

Jeanne: Dajé, da kann et lass goen. Kommt Kanner! Haut soll d' Louise de' "Be'ss Fönef" kenne le'eren! Avanti!

All: D' Joffer Louise Ro'seblád soll Liéwen!

Julie: Mat hirem "Batty"

### Vorhang

#### III. Akt

(Am Park. 2 Bänken ge'geniwer am Hannergrond Getreisch.

#### 1. Szén e volle Mann

('t he'ert én 5 Auer schloen. D' Vigel peifen, no kurzer Paus könt vu lenks de Söffer eragetorkelt., sötzt sech op d' Bänk lenks, schwätzt fir sech): Hup - wann ech elo en Dohém hätt an eng Frä - hup - da ge'f' ech elo - hup - hém goen an zo' menger Äler soen - hup - Kätt, ge'f' ech soen - hup - ech sin - hup - ugeschoss - hup - net vill - hup - awer 't langt fir en - hup - an da ge'f' ech - hup - mech an d' Fál léen an eis Kätt - hup - ge'f' mir e sche'ne - hup - Kaffi kachen - hup - jo, dát ge'f' hat máchen - hup - (döst virun sech, steipt de Kapp an d' Hänn)

#### 2. Szén Söffer, Louise

Louise (vu riéchts vir): Hei muss d' Bänk sin. (sicht an hirer Poche) Oh mei, elo hun ech jo mei Lorgnon vergiëss... Awer, elo sötzt e jo. We' et schengt an de'fe Gedanken. Hién ass secher um dichten. Ech wöll ganz lues me' noh goen.

Söffer: - Hup - -

Louise: Oh nén, hié schluchst!

Söffer: - Hup! ...

Louise: Deitlech he'eren ech sei Schmierz. - Ech wöll en tre'schten. (gét lues bei en, sötzt sech niéwent en; mat äusserst sanfter Stömm): Batty!

Söffer (kuckt hallef op): Batty? Wat?

Louise: Batty, wát ass iéch?

Söffer: Kätt - hup - ech sin - hup - besoff.

Louise (sprengt op): Entsetzlech! ..... Dé richt jo we' eng liéweg Brenneri!

Söffer: Mäch mir Kaffi, Kätt - hup -

Louise (be'ss): Mächt datt dir viru komat. Ass dann hei keng Polizei!

Söffer (stét schwe' erfälleg op): Nömme lues, nömme lues mat déne jonge Perd. An - hup - wann ech iéch - hup - en Ableck fir meng Äl - hup - gehälen hun - hup - dann huelen ech dát retour - hup - Ech hun nähmlech gur keng Äl - hup - awer wann ech - hup - eng hätt, da wir et - hup - keng Beisszäng.

Louise (bröllt): Onverschimmte Kérel!

Söffer (geht grölend of): Da gi mir alt mat Musek - hup - an en änze Butek - hup! - An da gi mir mat Schkandal an en äner Sauf-lokal! (ass fort)

#### 3. Szén Louise eleng

Louise (gét virun der Bänk op an of): Onerhe'ert! Eso Mönsche verpeschten d' ganz Loft mat hirem Brenni. An ech war der Ménong mei Batty se'ltz op der Bänk. Datt ech awer och mei Lorgnon hu missé vergiëssen. (sötzt sech erem)

#### 4. Szén Louise Stodent

(vu vir riéchts könt de Stodent, sötzt sech op de' riéchts Bänk, ganz riéchts, hölt eng Zeidong a liést. am Getreisch geseit en dann ent wann d' Kapp vun de Médercher)

Louise (mirkt de Stodent): De' Ke'ler täuschen ech mech awer net. Doiwer huet e jonge Mann sech higesât. 't kann nömme de Batty sin. 't schengt hién huet mech nach net gesin. Ech muss ganz onopfälleg me' noh goen. Mein Hèrz, dát klappt we' e Wecker, sét mir: hién ass et. (steht op, geht bedächteg bei de' Äner Bänk, sötzt sech op de lenksen Eck, a geheit ganz verle'ft Blecker no dem Student eriwir, dén ass awer ganz an seng Lektüre verde'ft. Endlech ho'scht d' Louise ganz hart, de Stodent mecht d' Zeidong ze', kuckt flüchteg op d' Louise, an dann no riéchts o'ni d' Louise weider ze beuechten Louise (fir sech): Hié schengt dach allerhand schächtern ze sin. Ech muss him höllefen. (ho'scht): Excuse'ert Här, sit dir vleicht--

Stodent (dre'ht sech zo' hir): Wat wir gefällegst?

Louise: Sit dir vleicht den Hr. Batty? Ech erwarden nämlech den Hr. Batty.

Stodent (he'flech): Le'f Joffer, ech hésche weder Batty, nach gin ech erwart. (steht op, ze'ht den Hutt, a geht no lenks of, -fir sech):

Student: Al Schrauw! (Lues Gekicher am Getreisch).

Louise (eleng): We' we' neg Herzensbildung hun d' Mütter dach haut des dâgs. - (seufzt): Wann en dach ke'm. - -

5. Szén Yxxag Louise, Jeanne (Batty)

Jeanne (könt vu riéchts, feste Schrött, straks op d' Bänk zo' wo' d' Louise sötzt, ze'ht den Hutt. - Mat verstellter Stömm): Erlabt Joffer. -

Louise: Ach jo! Ech biéden! (fir sech): 't ass en! Hién huet de' weiss Blumm.

Jeanne (mat Knix): Mein Numm ass Batty! (sötzt sech)

Louise (verschimmt): Ech, hésche Louise.

Jeanne: Ganz erfrét!

Louise: D'Fréd ass häptsächlech op menger Seit, Herr Batty. (kurz, stommt Spill töschend hinnen. 2. Verle'ft Blecker, sie rötschen me' noh zesummen)

Jeanne: 't ass net gutt wann de Mönsh eleng ass. ---

Louise (fällt an): O'hén, Hr. Batty, 't ass wirklech net gutt.

Jeanne: Durfir hun ech mech entschloss mech ze bestueden.

Louise: We' le'f vun iéch. - Dir sit Dichter, gelt Hr. Batty?

Jeanne: Dann ent wann - jo!

Louise: Ech dichten och hei ans do.

Jeanne: Dät tröfft sech jo prächtig. Da si mir jo Kollegen.

Louise: Oh, dir Schméchler.

Jeanne: Jo, a fir mech kurz ze fassen---

Louise (fir sech): Elo könnt et.

Jeanne: Ech wöll mech geschwönn bestueden.

Louise: An... huet dir schon èr Wiél getraff?

Jeanne (feiereg) Louise, du bass et, oder soss ként op der ganzer Welt! (brét d'Aerm aus)

Louise (fällt him an d'Aerm): Du mei le'we, le'we Batty! - Du Läng-ersehten!

Jeanne: Mei Louise!

Louise: Löss dech küssen! ---

Jeanne: Vun Herze gèr!

6. Szén, Vireg, d'Médercher ma'm Betty

(D' Louise huet se'leg d'Aerm zo' a leit dem Jeanne an den Aerm.

D'Médercher kommen virsichtig aus dem Hannergrond, machen an héchster, frédiger Spannung e Krax Hallefkrés em d' Bänk. Josephine huet den Hond am Arm a schiebt d'Hondsnues teschend de' 2)

Louise (kösst den Hond): Mei Batty, mein Allerle'wsten!... (Op émol schle't se d'Aerm op, geseit den Hond an d'Médercher, sprengt op) Wächen ech -- oder drémen ech! -

Jeanne (stét op, ze'ht he'flech den Hutt): Dir sit wäkrech, Joffer Ro'séblädt. Elo grad huet dir vum Batty gedrémt, an nawell ganz se'ss. (Schallend Gelächter vun de Médercher)

Louise (rosen): De' Be'ss Fönef! - Vollzähleg versammelt - ech hätt et mir eigentlech denke können. - Awer, dir jong Dammen, - "Noch ist nicht aller Tage Abend", an wién fir d'léscht lücht, lücht bekanntlech am beschten. - Mir schwätzen nach iwer dé Fall - an haut nach. - Komm Betty, du treit De'erchen. (witend lenks of.

Médercher: (Lächen)

Jeanne: Verle'ert de Mutt net, Joffer Louise! Dé richtige Batty könnt vleicht nach!

Vorgang

14.1.54

HR

Preis vun enger Roll: 6 frs.

8 Rollen mat emol Opfe'erongsrecht: 80 frs.

Ofschreiwén a widerverle'nnen ass verbueden.